N°3254
Entrée le 06.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madame Yuriko Backes, Ministerin fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°3254 vum 26. November 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Aarbechtsbedingunge bei Buschaufferen.**

Am Virfeld wëll ech präziséieren, datt et d'Linn 17 ass, déi op Steebrécken iwwer Monnerech fiert.

**1. Wäerten d'TICE-Linnen zu Diddeleng duerch Privatlinnen ersat ginn?**

Well et sech bei de Citybuslinnen zu Diddeleng ëm eng lokal Offer handelt, ass hei d'Stad Diddeleng déi zoustänneg Autoritéit an domat den Uspriechpartner fir ze präziséieren op d' Citybuslinnen am Kader vun enger ëffentlecher Ausschreiwung vu Privatentreprisë gefuer ginn.

**2. Wäerten d'Aarbechtsbedingunge vun de Buschaufferen op den aktuellen TICE-Linnen, déi ausgelagert ginn, mat der Privatiséierung vum RGTR erofgoen?**

An de Verträg, déi d'Regierung mat de private Busentreprisen ofgeschloss huet, ass verbindlech festgehalen, datt de Kollektivvertrag vum Secteur applizéiert a respektéiert gëtt.

Dëst bedeit, dass op de Linnen, déi vum TICE op privat Exploitanten iwwergin, fir d'FuererInnen déi nämmlecht kollektiv Reegele gëlle, esou wéi se haut schonn op allen RGTR- a Schülerlinne am Land gëllen.

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes